



**27. Editioun vum  
Open Air Kunstfestival  
16. bis 25. Juni 2017 zu Lellgen**

COMMUNIQUÉ\_1\_LU  
Mee 2017

**Kunstfestival Lellgen – Kunst mat alle Sënner erliewen**

D'Open Air Kunstfestival asbl hutt déi grouss Freed op déi 27. Editioun vun hirem Festival anzelueden.

Den Open Air Kunstfestival zu Lellgen ass anzwëschen iwver d'Grenze vun eisem Land eraus bekannt an ee Begrëff an der Kënstlerszene a bei alle Konstintresséierten. Am Mëttelpunkt vun dësem eenzigaartige Festival steet de Nationalfeierdag, den 23. Juni, wou sech Lellgen eemol am Joer an eng grouss Konstgalerie ënnert fräiem Himmel verwandelt an dausende Besucher unzitt.

***De Publikum an der Roll vum Jury***

Ronn 100 Kënstler huelen um Live-Concours deel a bidden de Leit d'Méiglechkeet hinne bei der Aarbecht iwver d'Schëller ze kucken. D'Jury an dësem Concours, de mat interessante Präisgelder, mat der Trophée «Kiischpelter Lohrblumm», souwéi mam «Prix de la commune», dotéiert ass, ass de Visiteur selwer, deen iwver de Wee vum Tiercé seng Favoritte bestëmmen kann.

***Street-Art***

Akrobaten, Stroosentheater, Stelzegänger a Komiker, als Walkacts oder op fixe Bühnen beliewen d'Stroossen a begleeden d'Visiteuren op hirem Wee duerch d'Duerf. D'Companie Mauvais Coton, den JOHNman, d' Cirq'ulation Locale, The Bombastics an eng ganz Rei anner Spektakele suerge fir eng ofwieslungsräich Animatioun an de Lellger Stroossen.

Live-Musikgruppen, wéi, The Slampampers, d'Zaltimband oder de Rocco Recycle ënnermolen déi kënstlerich Aktivitéite mat Musek vun der besonnescher Zort. Vun Jazz, iwver Folklore, bis hin zu verréckt verkleete Bands a Bloskapellen ass zu Lellgen alles dobäi.

***Breet gefächert Ausstellungen***

Op verschiddene Plazen am Duerf sënn Ausstellungen ze besichen. Et kann een ënner anerem d'Wierker vum Brigitte Feierstein, Fabrice Magnée, Claude Delamarre, Marianne Kohll-Wester souwéi vun der Association Alzheimer Luxembourg gesinn. Déi renomméiert Kënstler Margot Reding-Schroeder an de Raymond Petit déi sech am Kiischpelt installéiert hunn, maachen hir Atelierer fir de Visiteur op.

D'Ausstellungen am Duerf sënn ausser dem 23. Juni och nach Sonndes de 18. Juni vu 14.00 bis 17.00, de 25. Juni vu 14.00 bis 16.00 Auer, an op Ufro fir de Public op.

## **Art Academy**

A professionnell begleete Konstateliere kënnen Kanner a Jonker vun 6 bis 25 Joer an engem spaasserfëllten Ëmfeld engt Wierk erstellen an um Art Academy Concours vum Konstfestival deelhuefen. Encadréiert ginn dës Ateliere mat den Themen Molerei, Skulpturen, Zauberei a Graffiti vun de bekannten Artisten Isabelle Pirson, Florence Hoffmann, Pascal Clement a Kai „Semor“ Niederhausen. Méi Informatiounen an online Umeldung via eis Websäit.

Nieft de professionnell begleete Konstaliere gëtt nach d’Kids Academy speziell fir déi méi kleng Kanner ugebueden. Heibäi handelt et sech ëm encadréiert kreativ Aktivitéiten ouni Umeldung. Déi kleng Kënstler sënne ëmmer mat Begeesterung um Wierk a sou munch Erwuessene staunt iwwer d’Kreativitéit vu sengem Nowuess.

*„De Konstfestival zu Lellgen, ee Konsterliefnis fir déi ganz Famill!“*

[www.konstfestival.lu](http://www.konstfestival.lu)

Unhang:

Presse\_Konstfestival\_2017-001.jpg

Presse\_Konstfestival\_2017-002.jpg

Presse\_Konstfestival\_2017-003.jpg

